N°3263
Entrée le 23.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Här Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel op d'parlamentaresch Ufro n°3263, deposéiert vum honorabelen Deputéierten Här Tom Weidig**

**An deem Kontext wëll ech d'Regierung froen:**

1. **ob si eng Mandatsverlängerung ënnerstëtzt oder dës ofleent, wéi Däitschland an d'USA dat wäerte maachen;**
2. **ob si bereet wier enger Reform an Neiausriichtung zouzestëmmen, déi der Realitéit um Terrain méi no kënnt. Zum Beispill kéint d'Staategemeinschaft hir Mëttelen direkt un déilokal, staatlech a kommunal Autoritéiten an de jeeweilege Gaaschtlänner verginn, déi dann och Projete vun der UNRWA iwwerhuele géifen.**

Lëtzebuerg huet fir eng Verlängerung vum Mandat vun der UNRWA bis 2029 gestëmmt, well dës Agence vun den Vereenten Natiounen, déi ënner engem internationale Mandat schafft, nach ëmmer als essentiel ugesi gëtt fir de Schutz vun de palästinensesche Flüchtlingen an d'Stabilitéit an der Regioun, am Aklang mat de Prinzipie vum internationale Recht, souwéi den Avis vum Internationale Geriichtshaff (ICJ) vum 22. Oktober 2025. Dësen Avis huet déi wichteg stabiliséierend Roll vun der UNRWA bestätegt, déi viru kuerzem duerch d'Resolutioun 79/232 ënnerstëtzt gouf, déi vun der Generalversammlung vun de Vereenten Natiounen den 12. Dezember 2025 ugeholl gouf, an där hir Ëmsetzung gefuerdert gëtt. Gläichzäiteg ënnerstëtzt d'Regierung Reforme, déi op d'Stäerkung vun der Neutralitéit, der Transparenz an der Effizienz vun der UNRWA ausgeriicht sinn, dëst geschitt besonnesch duerch d'Ëmsetzung vun de Recommandatioune vum Colonna-Rapport, un deem Lëtzebuerg aktiv mat wierkt, virun allem duerch den Détachement vun engem lëtzebuergeschen Expert an d'Equipe de Suivi zënter Juni 2024. D'Regierung huet och de strategesche Evaluatiounsrapport begréisst, deen am Juni 2025 publizéiert gouf a vum Generalsekretär vun den Vereenten Natiounen am Kader vum Reformprozess UN80 ugefrot gouf. Lëtzebuerg huet sech bereet erkläert, un all konstruktiver Diskussioun deelzehuelen, déi eng gerecht an nohalteg Äntwert fir d'palästinensesch Flüchtlingen garantéiert.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2025

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht

an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel